



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5347 vum 6. Dezember 2021 vum honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser

Ad 1) an 2):

Opgrond vun den Informatiounen déi der Police zur Vergügung stungen ass en adäquate a verstärkte Police-Dispositiv fir d'Manifestatioun vum 4. Dezember en place gesat ginn. Dësen Dispositiv war méi grouss wéi deen déi Weekender virdrun. D'Approche war deeskaléierend, well d'Prioritéit war dat keng Persoun zu Schued sollt kommen. Et sief och ze bemierken dat net all Manifestatioun vun engem Organisateur ugekënnegt gi war.

No all Manifestatioun mécht d'Police en Debrief an analyséiert wat gutt gelaf ass a wat een nach verbessere kann. Dat ass och des Kéier esou gemaach ginn an doropshin ass notamment den Sécherheitsdispositif ronderëm verschidde Sitten nach ugepasst ginn.

Lëtzebuerg, den 20. Dezember 2021

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX